



Dat, wat Dir uschwätzt, Här Kartheiser, dat ass an deem neie Gesetz vun der Policereform virgesinn, an dem Kader vun der Police administrative. An dat ass de Périètre de sécurité, wou d'Police zu all Moment do, wou Gefor um Mann ass respektiv wou eng Situatioun ass, wou se net wëllt, dass d'Leit ronderëmstinn ze hënneren an ze gaffen, dee Perimeter kann ausrufen an deklaréieren.

Dat sinn zwou verschidde Saachen. Dofir, fir de Plazverweis géif ech lech wierklech bieden, dat ze vergiessen, well et bréngt definitiv näischt! Dir verlagert just de Problem, wann Der dat als Problem gesitt. Dir verlagert e just vun enger Plaz op déi aner.

(Problème de sonorisation)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Jo, ech mengen, mir sinn zwar elo...

► **Une voix.-** Mir hunn zwou Propositionen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Mir hunn zwou Propositionen. Ech wëllt elo, dass mer dat esou maachen, wéi eist Reglement dat virgesäit: Ech hunn hei zwou Propositionen...

Ah, entschëllegt, den Här Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).-** Merci, Här President, fir d'Wuert. Mir deelen an dësem Fall och d'Aschätzung éischer vun der Regierung, datt dat en Instrument ass, e Plazverweis géint d'Mendicitéit, wat just déi Aermsten trifft, an ënnerstëtzen domadder och net d'Motioun vun der CSV respektiv déi Proposen, déi virdru vun der ADR gemaach gi sinn. Mir mengen, déi Motioun an d'Kommissioun ze huelen, do wësse mer och net, ob dat esou vill Sënn mécht. D'CSV ka jo gegebenenfalls an den Diskussiounen ronderëm d'Gesetz en Amendement presentéieren, wat jo dann och an der Kommissioun kann diskutéiert ginn. Mä an där dooter Form kënne mer dat do net matdroen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci. Da maachen ech hei d'Feststellung, dass mer mat...

(Interruption par M. Eugène Berger)

Den Här Berger, wann ech gelift.

► **M. Eugène Berger (DP).-** Jo, Här President, ech wollt just froen, mä ech mengen, Dir waart amgaangen, dat elo unzedeiten, datt ee jo hei dann zwou Propositionen huet, entweder d'Motioun elo ze stëmmen oder an d'Kommissioun ze verweisen. Ech mengen, mir hate jo och derfir plädéiert, well et ass en interessanten Débat. Da kann een deen nach vläicht do op där Plaz da finaliséieren. Mä, voilà, nach eng Kéier, fir ze froen, datt dann déi Propositionen eben och...

(Problème de sonorisation)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci dem Här Berger. Bon, mir sinn elo mat zwou Propositionen saiséiert: déi eng, fir elo direkt ofzestëmmen, déi aner, fir d'Motioun an d'Kommissioun ze iwwerweisen. Sou, elo kënne mer et einfach maachen oder mir kënnen et e bësse méi komplizéiert maachen.

(Interruption)

Mir kënnen hei d'Question préalable stellen, dann definéiere mer zwou Froestellungen an dann décidéiere mer, iwwer wat fir eng Froestellung dass mer dann herno ofzestëmmen hunn. Oder mir kënnen hei eng Option zur Ofstëmmung bréngen. Dat heescht: Si mer derfir, dass se an d'Kommissioun geet,...

► **Plusieurs voix.-** Jo.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** ...oder si mer derfir, dass se direkt ofgestëmmt gëtt? Wa mer ofstëmmen, dass se an d'Kommissioun geet, da géifen déi, déi der Meenung sinn, dass se an d'Kommissioun soll goen, mat Jo ofstëmmen, an...

► **M. Laurent Mosar (CSV).-** Neen! Neen.

► **Une voix.-** Ma dach.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Majo selbstverständlech! Also, mir hunn hei, dat misst de Chamberspräsident, dee viru mir hei souz, wëssen, en Artikel 86 (2). Deen Artikel 86 (2), dee seet formell,...

(Interruption)

...dass entweder d'Conférence des Présidents oder d'Chamber décidéiert, wat mat enger Motioun ze geschéien huet, ob ofgestëmmt gëtt, ob se un d'Regierung iwwerwise gëtt oder ob se an eng Kommissioun iwwerwise gëtt. An där Situatioun si mer elo! Elo kënne mir awer soen: „Dat ass d'Conférence des Présidents, déi dat ze maachen huet.“ Mä hei huet d'Chamber et an der Hand, fir ze décidéieren, wat mat där Motioun ze geschéien huet, ob se wëllt driwwer ofstëmmen, da muss eng Majoritéit soen: „Mir stëmmen of“, oder ob mer se

an d'Kommissioun iwwerweisen, da muss eng Majoritéit soen, dass mer se an d'Kommissioun iwwerweisen. Kuckt Ären Artikel 86 (2)! Ech maachen lech et einfach, da braucht Der net nozesichen. Mä dat do ass d'Formulatioun. Ech kann lech den Artikel och virliesen.

► **Une voix.-** ...d'Fro, stellt d'Fro...

► **M. Michel Wolter (CSV).-** ...et ass jo net domadder gedoen.

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Neen! Neen, well duerno, et ass jo net, dass eng Motioun an engem schwaarze Lach verschwënnt. Et gëtt eng Ronn an der Kommissioun gemaach, an innerhalb vun dräi Méint muss déi Motioun erëm hei presentéiert ginn. Dat heescht, esou oder esou, wa mer eis net eens ginn an där Kommissioun, da gëtt iwwert déi Motioun ofgestëmmt,...

(Interruptions)

...dann eben dräi Méint méi spéit. Mä den Artikel ass ganz kloer. Kuckt lech en un, ech wëll lech och hei net drängen.

► **Une voix.-** Neen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Kuckt lech en a Rou un! Et ass genee dat.

► **M. Alex Bodry (LSAP).-** Déi Zeile si schnell gelies, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Jo.

► **M. Alex Bodry (LSAP).-** Si sinn och ganz kloer.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** De Fraktiounspräsident vun der CSV, den Här Wiseler.

► **M. Claude Wiseler (CSV).-** Här President, Dir hutt elo d'Interpretatioun vum Reglement esou gemaach, wéi et am Reglement och steet. Just fir kloer an däitlech eis Meenung hei ze soen: Mir sinn der Meenung, mir wäeren der Meenung, op déi éischt Proposition vun de Majoritéitsparteien, datt mer kéinten d'accord sinn, fir se an d'Kommissioun ze schécken, hunn awer dunn un de Reaktiounen vun der Regierung gemierkt, datt e Schécken an d'Kommissioun no Ausso vun der Regierung wierklech näischt géif bréngen, net sënnvoll wär, soudatt mer estiméieren, datt e Schécken an d'Kommissioun ënnert deenen do Viraussetzung just eng Zäitverschwendung wär. An derfir si mir der Meenung, datt se sollt haut ofgestëmmt ginn.

Kënnt awer elo d'Majoritéit zu enger anerer Konklusioun, dann insistéiere mer, fir datt se esou fréi wéi méiglech erëm hei an de Plenum zrëckkënn, fir ofgestëmmt ze ginn.

► **Une voix.-** Voilà!

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Dat ass absolutt Äert gutt Recht. An ech mengen, dat kann och kee contestéieren.

Sidd Der domat d'accord, dass mer elo verzichten op d'Question préalable, ob mer sollen iwwert dat eent oder dat anert ofstëmmen, an dann direkt driwwer ofstëmmen, ob et dat eent oder dat anert ass?

(Assentiment)

D'accord!

Also: Déi, déi derfir sinn, dass déi Motioun an d'Kommissioun kënn, géife mat Jo ofstëmmen. An déi, déi der Meenung sinn, dass direkt misst ofgestëmmt ginn, déi stëmme mat Neen. Ass dat korrekt formuléiert?

(Assentiment)

Also: Renvoi an d'Kommissioun ass Jo, Ofstëmmung ass Neen. Sou, da géife mer elo ofstëmmen.

Vote sur le renvoi en commission de la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

Sou: 32-mol Jo, 28-mol Neen.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Ont voté non: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval (par Mme Nancy Arendt), Nancy

Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Dat heescht, si geet an d'Kommissioun a si kënn innerhalb vun...

(Interruptions et hilarité)

► **Une voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Hunn ech elo eppes falsch verstanen?

► **Une voix.-** Neen, neen!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Da steet just an dem Rapport herno: „Verschidde Stëmmen“.

(Hilarité)

Ech hu verschidde Stëmme gehéiert.

Domat ass et kloer: Si geet an d'Kommissioun a si kënn innerhalb vun dräi Méint an där dooter Form oder an enger anerer Form erëm heihin. Merci gesot!

An domat géife mer dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass de Projet de loi 7043 iwwer eng Deelreorganisatioun vun ILNAS. An de Rapporteur vum Projet de loi ass den honorabelen Här Haagen, deen eis dann och erzielt, wat sech hannerter der Ofkierzung ILNAS verstoppt a wat mer dorun änneren.

5. 7043 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 4 juillet 2014 portant réorganisation de l'ILNAS

Rapport de la Commission de l'Économie

► **M. Claude Haagen (LSAP), rapporteur.-** Jo, Här President, Merci. Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzestext 7043 betreffend d'Reorganisatioun vun ILNAS - Här President, dat heescht „Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services“, gouf vum zoustänneg Wirtschaftsminister den 31. August vum leschte Joer déposéiert. De 25. August an 29. September koumen d'Avise vun der Handwierkerkummer an der Handelskummer, déi alle béid positiv waren.

De Statsrot huet säin éischten Avis de 27. September ofginn. Den 29. November koum dunn nach den Avis complémentaire, well d'Kommissioun op Recommandatioun vum Statsrot nach en neien Artikel 7bis iwwert d'Notifikatioun un den OLAS, dat ass den „Office luxembourgeois d'accréditation et de surveillance“, bäigesat hutt.

Komme mer zum Fong vum Projet de loi, wat en technesche Fong ass. D'Zil vun dësem Gesetzesprojet ass et, dem ILNAS zousätzlech Missiounen ze ginn. Wéi Der lech kënn erënnere, zum Schluss vum leschte Joer hu mer hei an der Chamber zwee Gesetzestexter, déi den ILNAS concernéieren, och gestëmmt, wat d'Missiounen erweidert huet vum ILNAS, dat am Beräich vun de Schëffsequipementer an dem Schëffsmaterial. Dat waren d'Projets de loi 6981 souwéi 6902.

Mam Gesetzesprojet, deen haut zur Ofstëmmung steet, gëtt den ILNAS dann elo och déi zoustänneg Autoritéit fir d'Iwwerwaachung vu motoriséierte Gefierer, dëst well no de rezente Skandalen an der Automobillsbranche huet déi Europäesch Kommissioun reagéiert, wéi Der wësst, an hir Reglementatioun adaptéiert. Nom Ofgasskandal notament vum VW huet d'EU-Kommissioun decidéiert, fir d'Geneemegungsprozedure vu motoriséierte Gefierer a Remorquë méi staark ze reglementéieren an och de Marché selwer mat zousätzleche Moossname méi streng ze iwwerwaachen.

Opgrond vun der EU-Reglementatioun 167 an 168 vum Europaparlament a vum Conseil européen vum 5. Februar 2013 respektiv 15. Januar 2013 kritt den ILNAS dofir elo hei zu Lëtzebuerg dräi zousätzlech Missiounen iwwert dëse Projet de loi. An zwar wäert an Zukunft den ILNAS och motoriséiert Gefierer iwwerwaachen, déi an der Landwirtschaft a bei Bëschaarbechten agesat ginn, Gefierer mat zwee, dräi Rieder a Quadricyclë souwéi och motoriséiert Gefierer mat Remorquen an déi dozou passend technesch Systemer a Baudeeler vun dëse Gefierer.

D'Kontrollen, déi aktuell am Beräich vun der Automobillsbranche en vigueur sinn, si prinzipiell Kontrollen ex ante, dat heescht, datt et aktuell den nationalen Autoritéiten iwwerlooss

ass, fir ze zertifizéieren, ob d'Gefierer den europäesche Konditiounen entsprechen, fir kënnen eben um Marché zougelooss ze ginn.

Duerch dës nei Reglementatioun vu Bréissel mussen déi national Autoritéiten elo zousätzlech a vill méi spezifesch Obligatiounen anhalen, wa se dës Gefierer kontrolléieren. Esou ginn zousätzlech Tester an Inspektiounen ënnerholl, fir d'Konformitéit vum Gefier kënnen ze zertifizéieren, och nodeems si schonn um Marché sinn. Dat geschitt also ex post.

Am Résumé heescht dat Ganz, datt déi aktuell Kontroll vun de Gefierer, eier se op de Maart kommen, bestoe bleift, mä ergänzt gëtt duerch eng méi streng Iwwerwaachung vun de Gefierer, wa se bis um Maart sinn.

All d'Memberstate sollten also an deem Kontext eng Autoritéit, déi responsabel ass fir d'Iwwerwaachung vum Marché, bestëmmen, fir dës nei Mesurë kënnen ëmzesetzen. An dat ass an dësem Fall fir eis hei den ILNAS. Den ILNAS ass domadder dann och an Zukunft responsabel fir d'Iwwerwaachung vum Automobillsmarché, vun deenen elo grad genannte Gefierer.

D'Gesetz vum 4. Juli 2014 iwwert d'Reorganisatioun vum ILNAS gëtt an deem Kontext dann ëmgeännert. Laut dem Paragraf 4 vum Artikel 8 ass den ILNAS, wéi gesot, responsabel fir d'Iwwerwaachung vum Automobillsmarché, vun deenen elo grad genannte Gefierer.

Zousätzlech hat d'Ekonomieskommissioun, wéi gesot, den Artikel 7bis bäigefügt iwwert d'Notifikatioun, wat den OLAS ubelaangt, an dofir war souwuel am éischten Avis vum Statsrot souwéi och am Avis complémentaire keng Opposition formelle.

All weider Detailler fannt Der an deem technesche Rapport, deen och schrëftlech verfaasst ass (veuillez lire: All weider Detailler zu deem technesche Projet fannt Der an deem schrëftlech verfaasste Rapport.).

Dat gesot, ginn ech den Accord vun der sozialistescher Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci.

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci dem Här Rapporteur. An dann huet d'Wuert den Här Félix Eischen.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).-** Merci, Här President. Ech wëll just dem Här Haagen Merci soe fir säi schrëftlechen a mündlechen Rapport. Den honorabelen Deputéierten huet eis duerch deen technesche Rapport gutt guidéiert. An ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Dann dem Här Eischen. D'Madam Elvinger.

► **Mme Joëlle Elvinger (DP).-** Jo, Merci, Här President. Ech géif och dem Rapporteur Merci soe fir säi gudden Rapport a ginn den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei.

► **Une voix.-** Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Dann den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).-** Här President, ech schlësse mech de Virriedner un an ech géif den Accord vun der grénger Fraktioun ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Ech ginn dovun aus, dass déi aner Kollegen, déi normalerweis d'Wuert géife kréien, och do dermat d'accord sinn. An da géif ech direkt der Regierung d'Wuert ginn, wa se wëllt.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Etienne Schneider, Ministre de l'Économie.-** Här President, ech soen och dem Rapporteur Merci, dass e sech mat deem héich techneschen a komplexen Thema auserneegeet huet. Ech huelen un, dass et net einfach war, een ze fannen, dee wollt Rapporteur dofir ginn.

(Hilarité)

Hien huet dat awer ganz gutt gemaach. Merci.

(Interruption)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.-** Merci och dem Här Minister. Ma da wäre mer prett, fir iwwert de Projet de loi 7043 ofzestëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7043 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo an e puer Sekonnen eriwwer.



► **Mme Anne Brasseur** (DP).- Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech hunn awer schonn hei 60 Stëmmen.

(Exclamations et interruptions diverses)

► **Une voix**.- Wien huet dann do zweemol...?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Also dann, wann Dir dat sot, da gleewe mer lech an net dem Computer. Neen, et hat vläicht een e bësse fréi gedréckt. Stëmmt dat esou?

Voilà. An de Projet de loi ass mat 60 Stëmmen, also unanime, ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Foyot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass d'Question élargie N°21 vum Här Alex Bodry iwwer méiglech Colocatiounen. Den Auteur vun der Fro huet fénnef Minutten Zäit, fir seng Fro ze formuléieren, d'Regierung huet zéng Minutten, an den Auteur huet nach d'Recht op eng Zousazfro. Den Här Alex Bodry huet d'Wuert.

6. Question élargie n°21 de M. Alex Bodry sur la colocation

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net déi éischte Kéier, wou mer hei an dësem Haus iwwert d'Fro, d'Problematik vun de Wunnengen a vun de feelende Mietwunnengen hei zu Lëtzebuerg diskutéieren. Mir wëssen och, dass et do net déi Léisung gëtt, dat Patentrezept gëtt, mä dass et eigentlech nëmme méiglech ass, mat enger ganzer Rëtsch vu Moossnamen ze probéieren, d'Situatioun besser an de Grëff ze kréien. Mir brauchen hei d'Promotioun vum Bau vun neie Wunnengen, besonnesch och am Sozialwunnungsberäich. D'Regierung huet jo viru Kuerzem och do en neie Programm verabschied. Mir brauchen Saneierungen vun ale Wunnengen an d'Beleë vum Wunnengen, déi eidel stinn. Mir wëssen och, dass Dausende Wunnengen hei zu Lëtzebuerg fir den Ament net besat sinn an eidel stinn.

An do niewendrun, mengen ech, muss ee sech och un d'Problematik eruuwe vun de Wunnengemeinschaften, vun der sougenannter „Colocatioun“, eng Pist, déi een a mengen Ae muss systematesch och hei zu Lëtzebuerg ugoen. D'Erausforderungen, dat wësse mer, sinn enorm. Eleng wa mer de Rhythmus bäibehalen, dass pro Joer hei 10.000 bis 15.000 Leit zousätzlech eis Bevëlkerung uwuessen din, dann heescht dat, eleng fir dat opzefänken, dass mer misste 5.000 bis 6.000 Wunnengen zousätzlech all Joers bauen, nieft deem Retard, dee mer an deem dote Beräich accumuliert hunn.

Duerfir ass eng Direktioun, déi ee verstärkt sollt probéieren unzegoen, déi vum Deelen, vum Partage, Deelee vu besteeëdem Wunnraum. Mir hunn zu Lëtzebuerg iwwerdurchschnëttlech grouss Wunnengen, mat der Méiglechkeet also, fir e Partage vu besteeëdem Wunnraum ze maachen. Natierlech net zwangsméisseg, mä op fräiwëlleger Basis. Et ass net esou, also esou, wéi ech emol gelies hunn

an engem Kommentar, dass ech wéilt Kommunismus hei zu Lëtzebuerg aféieren an d'Leit expropriéieren an dass se forcéiert ginn,...

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- ...fir hir Wunnengen ze deelen. Neen, dat wollt ech net maachen, dat läit eigentlech och net esou a mengem Naturell. Hei geet et natierlech drëm, dass Leit sech fräiwëlleg dozou bereet erklären, fir de besteeëde Wunnraum mat aneren ze deelen.

Am Ausland, besonnesch an de Grousstied, besonnesch och an den Universitëtsstied, ass dat e Phänomeen, d'Wunnengemeinschaften, d'Colocatioun, deem immens verbreet ass. Bei eis gëtt et selbstverständlech och dee Phänomeen, mä en huet net déi Envergure, wéi dat am Ausland ass. Ech hunn eng Etüd gesinn, déi a Frankräich gemaach ginn ass virun zwee Joer. An do huet sech erausgestallt, dass an där Tranche d'âge vun 18 bis 24 Joer 31% géifen a Colocatioun liewen. Dat ass en immens héije Prozentsaz. Dovu si mer natierlech hei zu Lëtzebuerg wäit ewech. Duerfir ass d'Fro: Wéi kann een eigentlech an deem dote Beräich d'Situatioun stimuléieren, net nëmmen nokucken, wat d'Entwécklung ass, mä wéi kann ee vu staatlecher Säit probéieren, do dat Deelee vu besteeëdem Wunnraum, déi Colocatioun weider ze förderen?

Den Avantage ass ganz kloer: D'Colocatioun gëtt d'Méiglechkeet, zu engem méi bëllege Loyer eigentlech lounen ze goen, zu Präisser, déi ee fir eng Wunneng eleng normalerweis net virfënt. An et bréngt och, mengen ech, méi Convivialitéit, en Zesummeliewen, wat och kann en Atout si par rapport zu eenzel ze beleëde Wunnengen.

A Frankräich hu se sech 2014 en eegene legale Kader ginn. Dat ass éischter eng Ausnahmesituatioun. Déi meescht Länner, obwuel se de Phänomeen kenne vun der Colocatioun, fueren eigentlech mat hiren normale Mietgesetzter weider. Dach fannen ech, dass dee franséische Modell net oninteressant ass, zemoos well en eng gewësse Rechtssécherheet gëtt, an zweetens, well en och gekoppelt ass un d'fiskal Förderungsmaassnahmen, déi d'Loi Pinel och virgesinn huet, an deem Sënn, dass do och Privatleit, déi kafen oder bauen, fir ze verlounen, steierlech Begënschtungunge kréien, äänlech wéi mir et eigentlech elo virgesinn hunn am Kader vun der Steuerreform, fir dat ze maachen, wa Leit hir Wunnengen enger sozialer Aariichtung oder de Gemengen zur Verfügung stellen, fir se weiderzeverlounen.

Duerfir also meng Fro un d'Regierung, wéi wäit si statistesch Material huet, wat déi Lag hei zu Lëtzebuerg ass, ob et esou statistesch Material gëtt, wéi wäit d'Colocatioun schonn hei zu Lëtzebuerg besteet, wat si dovunner hält, fir e spezifesch gesetzleche Rumm och hei am Land ze schaffen, fir d'Colocatioun nach zousätzlech ze förderen, wéi et mat fiskalen Incitatiounen ass, fir dee Phänomeen nach vläicht och ze pushen, a virun allem awer och, wéi d'Regierung d'Fro gesäit vun den administrative Barrieren, déi kënne bestoe mat der Colocatioun.

Besonnesch Leit wéi Refugiéen, déi unerkannt si ginn, sichen oft, fir méi bëllege eigentlech an esou Wunnengemeinschaften eranzekommen. Dat heurtéiert sech awer ganz oft mat Bestëmmungen, déi och mam RMG zesammenhängen, wou se da gären als Communauté domestique betruecht ginn, obwuel se an enger schéi geuerdeter Wunnengemeinschaft sinn. An dat mécht et natierlech bal onméiglech fir si, op deem dote Wee ze goen.

Also dat sinn e puer Aspekter vun där Problematik. Ech hunn och gesinn, dass d'Associatioun IDEA (veuillez lire: d'Fondatioun IDEA) och déi dote Fro opgeworf huet a leschter Zäit. An duerfir wär ech frou, wann ech do kéint Erklärungen vun der Regierung zu deem Phänomeen kréien.

Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Bodry. An d'Wuert huet de Wunnengsbauminister, den Här Marc Hansen.

► **M. Marc Hansen**, *Ministre du Logement*.- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéiert, ech mengen, déi Fro, déi den honorabelen Deputéierte Bodry hei opgeworf huet, dat ass eng ganz interessant.

Den éischte Constat, deem e gemaach huet, an deem deelen ech och mat em an deem hu mer jo och an dem Regierungssaccord esou stoen, dee geet drëm, fir iwwerhaapt de Locatif och am soziale Beräich méi ze stärken. Dat ass eng Pist, déi mer komplett amgaange sinn ze spillen. An Dir hutt et och ernimmt hei, dee leschte Programm vun de Constructions d'ensembles - deem ass nach keng Woch al, wéi mer deem am Regierungsrot ugehall hunn -, op deem gesäit een och schonn, dass de Locatif

do gestärkt gëtt: Op deenen neie Projete si mer praktesch bei zwee Drëttel Locatif, deem do ënnerstëtzt gëtt, an een Drëttel an der Propriétéit.

Dat ass en éischten Effort. Do musse mer nach laang dru schaffen, well mir sinn natierlech an der Situatioun hei am Land - déi awer och spezifesch ass, wann Der och de Verglach op anere Plaze maacht mat deenen anere Länner -, dass mer iwwer 70% Propriétaires hunn an dass de Locatif natierlech nach e ganze Koup u Retarden do opzehuelen huet, haaptsächlech och do, wou d'effentlech Hand kann eppes maachen.

De Sujet ass méi wéi aktuell, well, Dir hutt et selwer ernimmt, och gëschter hunn ech nach de Rapport gesi vun der Fondatioun IDEA, déi eben och do iwwert d'Colocatioun geschwat huet, dass dat eng Méiglechkeet wier. Ech ginn och elo net méi an op déi vill Virdeeler, déi et bei där Colocatioun gëtt, well dat hutt Dir ganz richtig beschriwwen hei an Ärer Presentatioun, fir Wunnraum ze deelen. Et brauch een net onbedéngt - mä vläicht och haaptsächlech als Jonken - e ganz Haus oder méi wéi 100 m². An do ass et eng ganz flott Wunnform.

Dir hutt och de Kader e bëssen aus dem Ausland ugeschwat, notament d'Gesetz vun 2014 a Frankräich ernimmt, déi Loi Alur, déi do am Mäerz gestëmmt ginn ass mat deem spezifesch Kader, deem et do gëtt. Déi hu souguer nach eng Kéier am August d'lescht Joer, also 2015, nogeschoss gehat mat der Loi Macron, wou se och fir déi Persounen, déi bestuet waren oder déi iwwer e Pacs zesumme verbundene waren, dragesat hunn, dass déi elo net méi kéinten als Colocataires zesummesetzen, well do ass dat och plazeweis net esou richtig gehandhabt ginn. An dat weist jo och schonn d'Problematik, wa mer elo op den zweeten Deel da kommen.

An do gëtt et dann och zum Beispill en Délai an där neier Loi Macron, dee virgesäit, dass de Locataire, deem erausgeet, just nach sechs Méint ka gehale ginn, fir mat do zur Responsabilitéit gezunn ze ginn; well dat ass jo och ee vun de Punkten, soss ass dee Problem natierlech och gär.

An der Belsch, do gëtt et kee spezifesch Gesetz. Do ass et e bësse wéi bei eis. An do ass och dat Gesetz eben aus der Belsch vun 1991 iwwert d'Bailen, déi do dat Ganzt regléieren.

Bei eis hei am Land gëtt et och keng spezifesch Dispositioun am Gesetz. Et kann awer ënnert dem aktuelle Gesetz vun 2006 gemaach ginn. An ënnert deem Gesetz - an dat ass vläicht wichteg, dass een dat och ernimmt -, wann dat geschitt, dann huet ee sech och un d'Gesetz ze halen, wat de Loyer ugeet. Déi 5% vum Capital investi oder déi 10%, wann et miwwléiert ass, mat anere Konditiounen, déi zielen och fir déi, déi Colocatioun praktizéieren. Ech mengen net, dass et zu anere Saachen do soll kommen. An da kann een dat natierlech nach eng Kéier erklären. An et zielt och de Règlement iwwert d'Salubritéit. Dat zielt och fir déi, déi Colocatioun ënnert deem dote Gesetz lafen hunn.

Dir hutt ee Punkt ugeschwat, dee ganz wichteg ass, wéi Der gesot hutt. A Frankräich sinn, hutt Der fonnt, ganz vill Jonker, déi dat maachen. Dat ass e Wee, dee mir hei am Land och amgaange sinn ze maachen. An ech hunn lech hei d'Broschür matbruecht vun dem Logementsministère, dat ass d'Nummer 10: „L'accès au premier logement“, wou mer genee och fir déi Jonk - well dat heiten ass zesumme mat der Éducation nationale erausginn - do da Kapitelen drastoen hunn.

Fir dat grad bei deene Jonken och ze pushen, hu mer bei den Typologies de logement d'Habitation en communauté - et ass eng franséisch an eng däitsch Versioun - oder d'Wohngemeinschaft, déi gëtt och do nach extra propagéiert. Dat ass ausgedeeelt gi vum Service national de la jeunesse bei de Jugendhaiser. Déi dote Broschür ass ebe fir déi Jonk spezifesch an do gëtt och beschriwwen, wat d'Virdeeler si vun der Wunnengemeinschaft a wat natierlech och d'Problemer kënne sinn, déi eben och domadder zesammenhängen.

An där Broschür, fir deene Jonken och déi dote Wunnform ze presentéieren, ass och eng ganz Säit u praktesche Conseilen derbäi, wou souguer zwou Variante presentéiert ginn, wéi een ebe kann an esou enger Wunnengemeinschaft verfuere a wéi do Kontrakter missten ausgesinn. Dat heescht, do sinn och schonn 2014 déi Efforte gemaach ginn, fir et un déi Populatioun erunzekréien a fir deenen dovunner d'Avantage, awer och d'Problemer natierlech ze erklären, déi domadder verbundene sinn.

Dir hutt natierlech och an deem schrëffleche Volet vun Ärer Fro d'Saach duergestallt, dass vill eeler Leit vläicht Loscht hunn, dat doten ze maachen. Dir hutt d'Saach vun de Flüchtlingen, déi de Statut hunn, ernimmt, wéi dat kéint goen.

Déi falen natierlech alleguerten am Moment ënnert déi aktuell Legislatioun. Et ass méiglech, mä et ass awer, an do hutt Der recht, mat ville Schwieriegkeete verbonnen. Do ginn ech lech och komplett recht. An déi Schwieriegkeeten, déi hutt Der ernimmt: Dat geet u mat dem Umellen, wou verschidde Gemengen natierlech dat e bësse méi strikt gesi wéi anerer, wat natierlech dann d'Situatioun ugeet, wou verschidener - gëtt dorëmmer gesot - da sech d'Fro stellen: Jo, an deem Gebai sinn awer schonn immens vill Leit ugemellt, ass dat dann...? Dir kennt d'Situatioun, ech mengen, soss hätt Der d'Fro jo net gestallt.

Wat awer de Punkt natierlech ass, an dat kënnt net aus dem Logementsberäich, dat kënnt aus anere Beräicher, dat ass, dass déi Leit, déi an esou eng Gemeinschaft eraginn, dass déi natierlech dann, wa se do ugemellt sinn, an deem „ménage“ - fir et nach eng Kéier esou nach ze nennen - do dra sinn a verschidden Allokatiounen oder Aiden dann net onbedéngt kënne kréien. Wann Der op esou enger Plaz e Monoparental wunnen hutt - zum Beispill, fir dat eben ze ginn -, deem ass dann do mat sengem Kand, an da kënnt eng zweet Persoun mat derbäi. Ma da mécht déi Persoun dann, deemno wéi, fir verschidde Gesetzgebungen Deel vun där doter Konstellatioun. Dat ass, mengen ech, de Problem vun dem aktuelle Gesetz. Do si mer eis eens, dass do de Problem ass.

Mir gesinn déi Wunnform - well déi Froe jo och do gestallt sinn, wéi mir déi Saach dann elo gesinn -, mir gesinn déi Wunnform, dass dat eppes ass, wat ganz interessant ka sinn - wat mer jo dann och scho mat der Promotioun beleen - fir déi Jonk, wou déi Problematiken, wéi ech se beschwat hunn, vläicht net ëmmer optauchen. Well wann et véier Jonker zesumme sinn, ass dat méi einfach ze handhaben, wéi wann eben e Monoparental do wunnt mat dem Kand. Mä do fonctionnéiert dat, do hu mer d'Promotioun och dovunner gemaach.

Dir hutt d'Fro gestallt, wéi ee vläicht déi verschidde Saache kéint ugoen. Mir sinn dat bei eis um Ministère amgaangen ze kucken. Dat war an de leschte Méint och elo keng Prioritéit, well mer elo mat der Klimabank a mat deene Sujeten amgaange waren. Mir sinn awer amgaangen, dat, well mer dat och eng Zäitche schonn um Radar haten, ze kucken, wéi een dat kéint änneren. Geet et duer, andeem een zum Beispill eist Locatiounsgesetz, also d'2006er Gesetz, andeem een doranner géif dra schaffe goen, fir dat doten ebe méi spezifesch ze regelen an och d'Situatioun ze regelen, déi da mat anere Gesetzter verbonnen ass? Dat kucke mer och nach weider.

Dat heescht, de Sujet hei, dee fält net op daf Oueren. An ech huelen dat, wat ech och elo als Fro nach eng Kéier haut matkritt hunn, och mat an déi Reflexiounen eran, well et ass e Sujet, dee kéint hëllefen.

Dir hutt dann déi fiskal Approche ugeschwat. Ech mengen, mir hunn d'Steuerreform natierlech elo just gemaach an do ass awer dee Volet, deem, mengen ech, och wäert vill bewierken a wou mer an deenen nächste Wochen a Méint och nach Efforten drop wäerte leeën, fir dat nach méi ze promouvéieren. Dat ass jo, wann e Propriétaire säin Haus oder seng Wunneng eben enger Associatioun, enger Gemeng zur Verfügung stellt, déi eng Konventioun mam Ministère hunn, dass deem och eng Exonératioun kritt vu 50% op sengem Loyer. Do ass et jo gemaach ginn, elo an der Steuerreform.

Ech kucken natierlech och elo emol, wéi do den Impakt wäert sinn. Mä dat ass natierlech och eng Pist, déi een an deem dote Kontext dann nach kéint kucken, wann een d'Colocatioun eng Kéier weider verdéift.

Et ass eppes, wat als nei Wunnform net méi esou nei ass, och net méi bei eis am Land, mä et stellt déi Problemer, déi Der gesot hutt. An déi kucke mir och eng Kéier weider, fir vläicht eng Kéier an där dote Richtung eppes ze maachen, sief et en einfache Geste dran, fir am Locatiouns-, Bail- a Loyersgesetz eppes ze ënnere huelen an déi dote Froen dann natierlech och an engens eng Kéier ze analyséieren. Mä et ass eppes, wat mir och als eng ganz interessant Pist erschénge, fir weiderzekommen an ee weider Puzzlestéck eben hinzekréien, fir der Logementsproblematik entgéintzewierken. Mä, an do hutt Der recht, déi Froen, déi Dir opgeworf hutt, dat sinn déi.

Et gëtt nach ee Punkt, deem ech awer kann ernimmen. An der Zäit war et och, dass souguer subventionéiert Wunnengen net konnten zum Beispill u Studente weiderverlount ginn, fir esou Colocatiounen ze maachen. Dat ass awer an engem Règlement grand-ducal vun 2011 entre-temps virgesinn, dat heescht souguer subventionéiert Wunnengen, wou soss aner Konditiounen drop leien, kann een dann awer ewell u Studente weider an enger Colocatioun bedriewen. Dat ass erlaabt.